



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht, d'Madamm Justizminister, den Här Policeminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 30. August war ënnerhalb vu bësse méi wéi engem Mount am Lëtzebuenger Wort op en Neits e schockéierenden Artikel iwwer Gewalt bei Jugendlechen ze liesen. E jonke Bouf vun zwielef Joer konnt no engem brutalen Iwwerfall vun enger Gang, déi an de selwechte Lycée geet wéi hien, mat Certificat médical siwe Wochen net an d'Schoul goen. D'Dot gouf gefilmt a souwuel am Bouf senger Schoul, wéi och an anere Lycéeë verbreet. Seng Elteren hunn hien aus Sécherheetsgrënn all Dag misse mam Auto féieren, fir d'Rentrée wiesselt hien an d'Ausland. Souwuel de Bouf selwer wéi d'Famill kruten ëmmer rëm bedrolech Message vun der Gang geschéckt an et goufe souguer falsch Denonciatioune bei der Police géint de Bouf virbruecht. Zwee vun de betraffenen Täter goufe méttlerweil vun der Police festgeholl an a Jugendhaft bruecht, déi aner si weider op fräiem Fouss a bretzen sech dem Artikel no an de soziale Medie weider mat hirer Muecht.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi steet d'Regierung allgemeng zu deenen am Artikel beschriwwene Fakten?
- 2) D'Lëtzebuenger Wort verweist drop, datt de betraffene Bouf, ëm deen den Artikel sech dréit, säi Fall och am CEPAS vun der Schoul gemellt hätt, mee, datt hei keng weider Moosnamen ergraff gi wieren, well et sech net an der Schoul selwer ofgespillt hätt. Gesäit d'Regierung hei e Verstouss géint den Artikel 23 vum Code de procédure pénale respektiv eng méiglech non-assistance à personne en danger? Falls jo, mat wéi enge Konsequenzen hunn déi betraffene Membere vum Schoulpersonal ze rechnen? Gesäit d'Regierung doriwwer raus weider Moosname vir, fir datt betraffenen Affer a sou engem schwéiere Fall automatesch besser duerch d'Schoulpersonal kënnen encadréiert ginn?
- 3) Souwuel hei, wéi och an engem änlech gelagerte Fall deen de Juli an der Press thematiséiert gouf, hunn Affer an Täter sech aus der Schoul kannt. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng Mesure fir d'Rentrée op allen Niveauen en Place gesat goufen, fir, datt déi eenzel Autoritéite méi séier, effikass a koordinéiert kënnen agräifen an Affer besser geschützt kënnen ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten